PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Op meng Fro n°2154 iwwert d'Kommunikatiounstechnologien an den Altersheemer huet d'Familljeministesch mir Folgendes geäntwert:

> "Déi meescht Strukture bidden de Bewunner d'Méiglechkeet un, ee Computer mat WLAN-Verbindung ze benotzen. Oft ass dëse Computer no beim Accueil, wou och eng Hëllefsstellung ass, installéiert. E puer Strukturen hunn eng WLAN-Verbindung am ganze Gebai."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fleegestrukturen bidde keen Internet un?
2. Wéi vill Fleegestrukture bidden e feste PC un?
3. Wei vill Fleegestrukture bidden eng WLAN-Verbindung un?
4. Am Fall, wou eng WLAN-Verbindung existéiert, wéi eng Käschten entsti fir d'Bewunner vun enger Fleegestruktur an der Moyenne? Wat ass déi bëllegsten Offer a wat déi deiersten Offer fir eng WLAN-Verbindung an enger Fleegestruktur?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député